Lëtzebuerg, de 24. September 2014

Invitatioun op e Champignonstour am Marscherwald

Sonndes moies, de 5. Oktober 2014

Zur Zäit sin eis Bëscher voller Champignonën, grousser, klenger, décker, a ganz dënner, a grousse Gruppen a vereenzelt, gëfteg oder nët,...

Richteg interessant sin se alleguer wann een mol genau kuckt an erklärt kritt wéi een se kann bestëmmen an erkennen. Dofir invitéiere mir op eng ***gefouert Wanderung mam Champignons-Spezialist Guy Marson***, Wëssenschaftleche Matarbechter vum Musée a Member vum Groupe mycologique vun der SNL.

Rendez-vous an Départ um 10.00 Auer op der Kräizung Rippeg/Kuebebuer op der Iechternacher-streck (Busarrêt Rippegerkopp, Bus 111).

Wärend gudd 2,5 Stonnen wandere mir dann zesummen duerch de **Marscherwald an Ëmgéigend** op der Sich no interessanten Exemplaren. Bréngt och roueg är Bestëmmungsbicher mat, hei ass d'Geleenheet fir ze léieren domat ëmzegoen. Fir de Rescht: fest Schong an eventuell e Fotoapparat fir d'Prachtexemplarer am Bild festzehalen.

No engem flotten Tour duerch de Bësch, anschliessend un de botanëschen Deel, erwart ons dann e kulinarëschen.

De Restaurant „"Wäisst Schwäin" zu Rippeg huet ons dëse Menu zesummegesat:

Amuse bouche : mousseline de potiron et salade de girolles
Quiche aux champignons des bois et salade verte
Carré de porc façon Orloff, sauce forestière et pommes au lard
Tarte aux pommes artisanale
café offert par la maison

Präis pro Persoun : 30 €

Op Wonsch fir Kanner bis maximal 12 Joer: 15 € (Bouchée à la Reine oder Schnitzel + Dessert). Fir Vegetarier déi sech bei der Umellung mellen gëtt gesuergt.

Umeldung: mellt Iech w.e.g. sou séier un wéi méiglech, entweder per mail: frenn@mnhn.lu oder per Telefon 462233-1 ***bis spéitstens Mëttwochs den 1. Oktober um 17.00 Auer,*** an iwerweist déi respektiv Zomm op de Postscheckkonto vun de Frënn: IBAN LU53 1111 0746 5259 0000.

Fir all weider Froen: frenn@mnhn.lu oder Tél. 462240-320 (G. Faber, Sekretärin).

Op e gudden Hierschtufank!

Catherine Faber, Presidentin

Les Amis du Musée National d'Histoire Naturelle a.s.b.l. 25 rue Münster L – 2160 Luxembourg
tél.(+352)462233-1 fax : (+352)47 51 52 IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 frenn@mnhn.lu